N°8142
Entrée le 29.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8142 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

Et sief fir d'alleréischt ervirzehiewen, datt et zwee Cas-de-figurë ginn, déi net solle matenee vermëscht ginn: engersäits den *Examen-concours en vue de l'admission au stage d'enseignant* an anersäits den *Examen de fin de stage.*

**Ad 1)**

Vu datt et sech beim *Examen-concours en vue de l'admission au stage d'enseignant* ëm e Concours handelt, bei deem all Sessioun eng Clôture huet, muss eng Persoun, ob Chargé d'enseignement/Chargé de cours oder net, déi sech net "en rang utile" klasséiert huet an Enseignant-fonctionnaire wëll ginn, sech dem Concours op en Neits stellen. Et sief bemierkt, datt dee Concours kee Legislatiounsexame virgesäit.

En vue vun der Fonctionnarisatioun stellen d'Kandidaten sech dem *Examen de fin de stage* an net dem uewe genannte Concours. Et handelt sech dobäi ëm een anere Genre vun Epreuven; demno kënnen d'Resultater vun Epreuvë vum Concours och net am Kader vun der Fonctionnarisatioun unerkannt ginn. An deem Sënn gesäit dat modifizéiert Gesetz vum 30. Juli 2015 (*loi modifiée du 30 juillet portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale)*, wat d'Fonctionnarisatioun fir d'Agenten aus dem Sous-groupe Enseignement reegelt, och keng Dispens fir de Legislatiounsexame vir.

**Ad 2)**

Chargéen, déi sech der Fonctionnarisatiounsprozedur stellen, mussen ënnert anerem 15 Joer Déngscht als Employé de l'État virweise kënnen, sou wéi de Statut vum Fonctionnaire et a sengem Artikel 80 virgesäit. Hei gi souwuel Contrats à durée déterminée (CDD) wéi och Contrats à durée indéterminée (CDI), onofhängeg vum Sous-groupe oder dem Domaine, mat consideréiert, soulaang et keng Ënnerbriechung tëscht den eenzelne Kontrakter gëtt.

D'Astufung vum fonctionnariséierten Employé a puncto Carrière gëtt vum Artikel 80 vum modifizéierte Gesetz vum 16. Abrëll 1979 (*loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État*) gereegelt.

Lëtzebuerg, den 29. August 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH